Par ailleurs, vu l'article 5 de la loi susmentionnée du 13 février 2018 qui prévoit que les comptes annuels soient contrôlés par un réviseur d'entreprises agréé, vu l'article 7 qui dispose que le Fonds est considéré comme établissement public, vu l'article 8 qui confère au fonds des privilèges fiscaux douteux en disposant que le fonds est exempt de l'impôt sur le revenu des collectivités, de l'impôt commercial communal et de l'impôt sur la fortune, pourriez-vous renseigner le grand public si vous comptez publier annuellement les revenus bruts et nets du fonds ainsi qu'un relevé détaillé des recettes et dépenses, et ceci dans un esprit de transparence vis-à-vis de la population de notre pays?

Dans l'attente de vous lire, nous vous prions d'agréer, Monsieur Hauptert, l'expression de notre considération distinguée.

Pour le Conseil d'administration de AHA Lëtzebuerg,

Dr. Laurent SCHLEY
président

Manuel HUSS
secrétaire général

Taina BOFFERDING
vice-présidente



Neue Kampagne von AHA: „Gutt liewen... fräi... vu Relioun“

20.12.2018 | Kampagne

Immer weniger Menschen glauben an „Gott“. Trotzdem heiraten viele Menschen entgegen ihrer nicht-religiösen Überzeugung in der Kirche und lassen ihre Kinder taufen. Die meisten Begräbnisse sind religiös geprägt. Viele Entschlüsse für religiöse Zeremonien werden jedoch nicht aus religiöser Überzeugung heraus getroffen, sondern u.a. auch wegen effektiven oder empfundenen sozialen Druckes (z.B. seitens der Familie). Im starren Rahmen dieser religiösen Rituale wird zudem den persönlichen Wünschen und Bedürfnissen der Menschen kaum bis gar nicht Rechnung getragen.

Es gibt Möglichkeiten, all diese wichtigen Etappen des Lebens ohne „Gott“, Religion und Kirche zu durchleben. Feste und Zeremonien können durchaus frei von religiösen Zwängen und trotzdem, je nach Anlass, lebensfroh, gebührend oder bewegend gefeiert werden. Wichtige Ereignisse wie Geburt, Heirat oder Abschied können nach persönlichen Wünschen und Bedürfnissen einzigartig gestaltet werden.

Mit seinem Video-Clip im Rahmen der Kampagne „Gutt liewen... fräi...“ will AHA aufzeigen, dass es im 21. Jahrhundert sinnvoll ist:

- seine Kinder nicht kurz nach der Geburt in eine religiöse Schublade zu stecken, sondern ihnen die persönliche Entscheidung betreffend ihre Weltanschauung selber zu überlassen - als erwachsene und mündige Menschen;
- religionsfrei und gottlos glücklich zu feiern, wenn man ohnehin nicht religiös ist;
- von der Familie und der Gesellschaft Respekt einzufordern für die Entscheidung, frei von Religion zu feiern und zu leben.

Wer in Zukunft für seine Kinder eine weltliche oder humanistische Begrüßungsfeier organisieren will, findet auf www.aha.lu/zeremonien weitere Informationen zum Thema. Im Falle eines konkreten Interesses an einer solchen Zeremonie kontaktieren Sie bitte AHA unter der Emailadresse zeremonien@aha.lu. Wir sind mit diversen Zeremonienrednern in Kontakt, die ihnen bei der Organisation zur Seite stehen oder diese ganz übernehmen können.





Feminismus – eng nei Relioun? Carte Blanche vum Laurent Schley

13.3.2017

E Mëttwoch war den internationalen Dag vun de Fraerlechter. Puer Deeg virdrun hat de polneschen Europadeputéierten Janusz Korwin-Mikke zu Stroosbuerg mat fraefeindleche Remarken op sech opmierksam gemaach. Sinn d’Fraerlechter a Gefor? Doriwwer puer Iwwerleeunge vum Laurent Schley a senger Carte Blanche mam Titel „Feminismus – eng nei Relioun?“*

Heiansdo héiert ee reaktionär Stëmmen, och zu Lëtzebuerg, déi op eng méi oder och manner subversiv Manéier d’Gläichberechtigung vu Mann a Fra an der Gesellschaft a Fro stellen. Dobäi gi bewusst Saache vermëscht: Gender-Theorie, Fraequot, Feminismus... De Feminismus gëtt diskreditéiert, andeems en als reliéis Ideologie dohigestallt gëtt.

An Zäiten, an deene „fake news“ an „alternativ Fakten“ Tromp sinn, wier et sënnvoll sech nees op d’Etymologie, also op den ursprénglechen an eigentleche Sënn vun de Wierder ze besënnen.

D’„Gender-Theorie“ oder „théorie du genre“ geet zrëck op de laténgesche Begrëff „Genus“, deen als éischt Bedeitung „Kategorie, Typ oder Aart“, a eréischt als zweet Bedeitung „Geschlecht“ huet. Nodeems den Term fir d’Éischt um Enn vum 19. Joerhonnert gebraucht gouf, entfaalt sech d’Konzept vun den „études du genre“ an de 50er Joren am psychiatreschen a medezinesche Milieu. Ab de 70er gouf de Begrëff „Genre“ dann heefeg vu Feministinnen gebraucht, fir ze beweisen, datt d’Ongläichheeten tëscht Männer a Fraen éischer op sozial, kulturell an ekonomesch Facteuren zrëckzeféiere sinn, wei op biologesch Differenzen.

Woubäi mer da beim Feminismus wieren. Wee Feminismus als Relioun bezeechent, ignoréiert bewusst, dass 1. de Feminismus eng Bewegung ass bei där et ëm d’Gläichberechtigung vu Mann a Fra geet, di op d’Emanzipatioun vun der Fra ziilt, op hir Gläichstellung mam Mann an der Gesellschaft, an ignoréiert 2. dass op där anerer Säit d’Reliounen, virun allem di monotheistesche, sech mierft dem Glawen un een iwwernatierlecht – a wuel männlecht – Wiesen duerch eng joerhonnertelaang Ennerdrückung an Diskriminéierung vun der Fra auszeechnen, zum Deel och nach haut. Et muss een also feststellen, datt di zwee Begrëffer Feminismus a Relioun net méi widderspérechlech kéinte sinn.

Feminismus ass keen Interesseveräi vu frustréierten, psycho-sexuell gestéierten oder frigide Fraen. Et ass eng humanistesche an opkläreresch politesch Bewegung vu Fraen a Männer, déi reell Ongerechtigkeeten an der Gesellschaft wëlle verschwannen dinn.

Dass déi Stëmmen, di d’Gläichstellung vu Mann a Fra a Fro stellen, aus dem monotheistesche-reliéise Milieu kommen oder deem politesch staark verbonne sinn, ass net verwonnerlech. A genau dat weist, dass ee muss oppassen, dass déi gesellschaftlech Errungenschaften a Westeuropa, di géint den erbatterte Widderstand vun de Reliounen an hire politeschen Acolyten erkämpft goufen, elo net nees vu deenen an d’Viséier geholl ginn. Et heescht deemno vigilant bleiwen.



D’Spill mat der Angscht Carte Blanche vum Laurent Schley

28.6.2017

Angscht virun engem laange Stierfprozess mat vill Wéi hu wuel déi meescht vun eis. Verständlech. Mä wéi ass et, wa mer da bis gestuerwe sinn? Musse mer Angscht virum Doud hunn? A wat huet Relioun mat där Angscht ze dinn? Doriwwer e puer Iwwerleeunge vum Laurent Schley a senger Carte Blanche mam Titel „D’Spill mat der Angscht“.

Mënsche sinn di eenzeg Déieren, déi sech net nëmme bewusst sinn, dass se iergendwa musse stierwen, mä déi sech och Gedanken doriwwer maachen, ob et nom Doud iergendwéi weidergeet, a wa jo, wéi. Während Atheisten der fester Iwwerzeugung sinn, dass et nom Doud endgültig eriwwe ass, an Agnostiker éischer mengen, dass een dat net zu 100% ka wëssen, gouf a gëtt et nach haut bei ville reliése Leit divers an abenteuerlech Virstellung vum engem Weiderliwen nom Doud.

Mä wéi ass et mat der Angscht virum Doud? Verschiede Gleeweger behaupten, de Glawe géif hinnen déi Angscht ewechhuelen. Ass also déi Angscht bei reliounsfräie Leit elo méi verbreet? Schonn de Philosoph Seneca huet drop higewisen, dass den Zoustand no eisem Doud wuel net fundamental géif ofwäiche vum Zoustand virun eiser Gebuert. A vu dass mer duerch deen Zoustand net allze traumatiséiert waren, dierft et och nom Doud net sou schlëmm ginn. Anescht ausgedréckt: mir ware virdu Milliarde Jore laang dout, a gi just an deen Zoustand zeréck. Den Epikur huet flott erkläert, dass eise Wéi duerch eis Sënner entsteet, a vu dass déi Sënner mat ons stierwen, kann een nom Doud och näischt méi spieren. Mat e bëssi Nodenke kann een d’Angscht virum Doud also iwwerwannen a säi Liwen a vollen Zich genéissen.

Ob een un ee „Weiderliwen“ nom Doud gleeft oder ob een den Doud als Enn vu senger Existenz betruecht, kann Auswierkungen drop hunn, wéi ee säi Liewe féiert. Atheiste konzentréiere sech meeschtens ganz op déi Joren, déi hinne vergonnt sinn, mol hedonistesche, liewensgenéissend, mol egoistesche, nom Motto „ech wëll alles an dat elo“, ganz oft awer och altruistesche, well se wëssen, dass och déi aner just ee Liwen hunn.

D’Net-Genéissen oder souguer dat komplett Ofleene vum Liwen ass also éischer een Aspekt vum engem verrannte reliése Glawen, verbonne mat der Hoffnung, dass nom Doud am Paradäis jo schliisslech alles besser ass. Déi Iddi gëtt Gleewege säit Joerhonnerte mat Erfolleg ageetriichtert. Den daperen Zaldot soll op d’Opnam an den (Zaldoten-)Himmel hoffen, an dofir ouni Angscht fir d’Saach vun deenen déi un der Muecht si stierwen. Aus Glawensgrënn eraus keng Angscht virum Doud hunn well nom Doud eppes Besseres géif waarde féiert zu all deene reliéis motivéierten Dramaen, déi och haut nach reegelméisseg an de Noriichten optauchen. Fir sécher ze stellen, dass di Gleeweg d’Liwen och sou féieren, wéi di jeeweileg Relioun et virschreift, an Angscht hunn, wa se net follegen, hunn d’Reliounen d’Hell erfonnt. Mat deem Konzept vun der Angschtmaacherei konnte se hir Scheewercher iwwer Joerhonnerten an och nach haut no alle Reegele vun der Konscht manipuléieren.



Information oder Manipulation? Carte Blanche vum Laurent Schley

29.9.2017

De Wiessel um Chefredakterposten vum Lëtzeburger Wort huet an de leschten Deeg fir vill Opreegung gesuergt. Eenzege Aktionär vum Groupe Saint-Paul, zu deem och d'Wort gehéiert, ass jo bekanntlech den Äerzbisum. Dozou e puer Iwwerleeunge vum Laurent Schley, President vun AHA Lëtzebuerg.

Medien hu bekanntlech eng grouss Muecht. Am Fall vun enger neutraler Berichterstattung si se eng wichteg Informatiounsquell fir d'Bierger. Am Fall vu manner neutraler a méi eesäiteger Berichterstattung kënnen d'Leit och massiv manipuliert ginn. Wann ee Medienorgan enger politescher Richtung no steet, kann een dat vläicht nach iergendwéi novollzéien. Wann awer deen eenzege Aktionär vun engem Mediengrupp eng fraeifeindlech an homophob reliéis Ideologie representéiert, a permanent probéiert, iwwert eng politesch Partei, Afloss op déi ganz Gesellschaft ze kréien, da fänkt et un, schwéier akzeptierbar ze ginn.

D'Demission vum Chefredakter vum Wort werft, an deem Kontext, Froen op. Och wann deen eenzege Aktionär vum Wort de Bisum ass, also de facto d'Kathoulesch Kierch, an och wann an der „ligne éditoriale“ vun der „doctrine sociale catholique“ geschwat gëtt, sou muss een als Aussestoenden awer unerkennen, dass deen demissionäre Chefredakter et fäerdeg bruecht hat, deene kathoulesche Wellen e bëssi d'Stir ze weisen. Während senger net grad 4-järegger Amtszeit war d'Wort méi neutral wéi jee virdrun. Net perfekt, mee ëmmerhin. Souguer déi béis Atheiste vun AHA hunn et alt mol mat engem Communiqué oder Lieserbréif an d'Wort gepackt. Déi meescht Journalisten déi do schaffe ware mat där Approche ganz zefridden, wéi se och an enger gemeinsamer Stellungnam geäussert hunn. Ma genau déi Approche vu méi neutraler Informatioun ass dem Chefredakter wuel zum Verhängnis ginn.

Zil vun där Chefredakter-Austauschaktioun wier laut Saint-Paul-Chef Luc Frieden, fir d'Wort nees méi riets auszeriichten. Ech wéilt net an der Haut vun deenen dräi stiechen, déi erausgesicht goufen, fir dat ëmzesetzen. Oder sollten si sech tatsächlech just als drei Bistums-Vasallen entpuppen, déi wéi Algen am kathoulesche Mier matschwammen? Ech hoffen et net. Ze hoffen ass och, dass déi vill gutt Journalisten, déi beim Wort schaffen ouni mam Bisum eppes um Hutt ze hunn, elo net an eng „Vogel friss oder stirb“-Situatioun kommen. Well, dass beim Bisum vu senger eegener soit-disant chrëschtlicher Nächstelift oft net vill ze spieren ass, huet ee spéitstens 2012 gesinn, wéi de Groupe Saint-Paul äiskal 68 Leit ewech-rationaliséiert huet, an der 91 soit-disant fräiwëlleg an d'Fréipensioun gaange sinn.

Zum Thema „d'Wort méi riets ausriichten“: Op déi Iddi vum Luc Frieden au vu vum Wahlergebnis vun der riets-extremen AfD an Däitschland eng gutt ass, woen ech ze bezweifelen. Oder sollt awer eppes un de Rumeuren dru sinn, dass no de Chamberwahlen 2018 an ënnert dem Drock vun der kathoulescher Kierch, eng CSV-ADR-Koalitioun fir béid Parteien duerchaus virstellbar wier?



Positiv Trennung Carte Blanche vum Laurent Schley

26.1.2018

Nom Vote iwwert d'Kierchefabriken an der Chamber d'lescht Woch mécht sech de Laurent Schley, President vun AHA, puer Gedanken a senger Carte blanche mam Titel „Positiv Trennung!“

Et ass also vollbruecht. Dat finaalt Puzzlestéck am Dossier Trennung vu Kierch a Staat, nämlech d'Gesetz iwwert d'Ofschafe vu deenen 285 Kierchefabriken, ass d'lescht Woch an der Chamber gestëmmt ginn.

D'Empörung bei den Acolyte vun der kathoulescher Kierch war grouss, notamment beim Syndicat Syfel a bei der CSV.

Beim Syfel kann een d'Opreegung jo iergendwéi verstoen. Kee wéilt bekanntlech en Acquis oder e Privileg opginn, a wann en à la base nach sou ongerechtfertegt war. Bis elo konnte verschidde Leit an deenen archaesch Kierchefabriken monter Suen, Terrainen a Gebailechkeeten an totaler Ontransparenz an ouni Finanzkontroll geréieren an ronderëmreckelen a fläisseg Defiziter maachen, di da vun der Allgemengheet couvréiert goufen. D'Avoire vun der Kierch ginn an Zukunft just nach vun enger mëttelalterlecher Struktur assuréiert, dem Bisum, deen awer ëmmerhi seng Defiziter selwer muss bezuelen. An hoffentlech all Joer enger onofhängeger Finanzkontroll ënnerworft gëtt... Am Fong misst jo och d'Fro erlaabt sinn, wou di ganz Avoiren iwwerhaupt hier kommen...

Komme mer bei d'CSV. Huet een där enger oder anerer Deputierter am Debat nogelauschert, sinn engem bal d'Tréine komm. Do huet sech dach di béis DP-LSAP-déi Gréng-Regierung tatsächlech erdreist, 285 archaesch Strukturen hei am Land op ee Coup ofzeschaffen. Moment mol: Kierchefabriken, dat huet dach mat Kierch ze dinn, dat ass dach CSV-Domaine. D'CSV hat dach ganz sécher als Prioritéit Nummer 1, di mëttelalterlech Strukturen ofzeschaffen? Mee Moment mol nach eng Kéier: war dann net grad déi CSV vun 1979 bis 2013 onënnerbrach an der Regierung, an hat 34 Joer Zäit, den Dossier unzegoen? Eh bien dach. Huet se et gemaach? Eh bien nee. D'gehéiert wierklech grenzenlose Culot dozou, fir sech elo dohinnerzestellen an ze behaupten, di Reformen hätt ee

jo selwer wéilt maachen. An derbäi wuel ze denken, dass d'Leit hei am Land sech wierklech op deem doten Niveau fir domm verkafe loosse.

Op gesellschaftspoliteschem Niveau, an do zielen ech d'Trennung vu Kierch a Staat dobäi - och wa se weder perfekt nach komplett ass - huet d'DP-LSAP-déi Gréng-Regierung eist Land massiv virubruucht, an dat no 34 Joer CSV-Stellstand. Déi ëmgesate Reformen kommen eigentlech alle Bierger entgéint.

Deene Gleewegen gouf hire Glawen a kengster Weis wechgeholl oder ageschränkt. Au contraire all Gleewegen - an dat ass och gutt esou - dierf natierlech weiderhi gleewen, wat hie wéilt, un een onsiichtbar rosa Einhorn oder un een oder méi vun deene ronn 3.000 Götter, déi d'Mënsche bis elo erfonden hunn.

An déi rationell Leit kënnen sech driwwer freeën, dass 1. an der Schoul keng Kanner mi reliéis indoktrinéiert ginn, an 2. manner vun hire Steiergelder an irrationalt Strukturen gepompelt ginn an deemno an Zukunft hoffentlech fir méi sënnvoll Saachen gebraucht kënnen ginn, wéi zum Beispill Educatioun, Medecine, Wëssenschaft oder Konscht.



E Mindestalter fir Relioun? Carte Blanche vum Laurent Schley

30.4.2018

A senger Carte blanche vun haut mécht sech de Laurent Schley, President vun AHA, puer Gedanken iwwert e méigleche Mindestalter fir Relioun.*

Spätzervertrieder vun deenen däitsche Kierchen-oe Partei CDU an CSU hunn an de leschten Deeg e Verbuet vum Voile verlaangt, an zwar fir Meedercher ënner 14 Joer vu muslimeschen Elteren, well déi Kanner ze jonk wieren, fir sech kënnen géint den Octroi vun engem reliéise Symbol ze wieren.

Komesch ass, dass di selwecht Politiker kee Problem hunn, wa Kanner vu kathouleschen oder evangeleschen Eltere quasi direkt no der Gebuert vu Reliounen zwangsrekrutiert ginn. Oder wann di Kanner puer Joer mi spéit duerch aner reliéis Ritualer wéi d'Kommioun geschleist ginn.

Di selwecht Politiker hu kee Problem, fir Kanner an all öffentleche Raum mat engem Kräiz ze konfrontéieren, wéi elo a Bayern. Si stéiere sech net drun, wa Reliounen Kanner indoktrinéieren, se forcéieren, Mäercher als absolutt Wourecht ze gleewen an näischt kritesch ze hannerfroen, an deene Fuerderunge mat deem erfonde Konzept vun der Hell Nodrock verschafen.

Di selwecht Politiker kritiséieren éischter selten di reliéis motivéiert Beschneidung vu klenger Bouwe vu jiddeschen a muslimeschen Elteren, oder déi Kierperlech Mutilatioun vu klenger Meedercher a villen afrikanesche Länner. An der Äntwert vun der Lëtzeburger Gesondheetsministesch op eng rezent parlamentaresch Fro kann een tëscht den Zeile liesen, dass hei am Land di reliéis motivéiert Beschneidung vu Bouwen net verbueden ass, sou laang se an engem „milieu médical“ duerchgefouert gëtt. An Island hunn d'Politiker méi Courage: do soll reliéis motivéiert Beschneidung vu Kanner elo ganz verbuede ginn.

Alles, wat ech elo opgezielt hunn, si reliéis Zwäng, géint déi Kanner sech genau sou wéineg kënnen wiere wéi Meedercher ënner 14 Joer, di mussen ee Voile droen. E Kand vun néng Joer, wat an e Kostüm gestach gëtt an da muss mat enger Käerz an der Kierch stoen, mécht dat net aus eegener reliéis Iwwerzeugung, mee well seng Elteren oder dee sozialen Drock dat sou virschreiw. A kee Kand wielt fräiwëlleg eng Verstümmelung oder Verännerung vu senger Geschlechtsorganer.

Et muss ee sech dofir froen, ob sou Aussoe vun däitschen C-Politiker net missten als ferm hypokritesch bezechent ginn, wann net souguer als eppes Schlimmeres.

All Mënsch ka gleewe wat e wëllt. D'Fro sief awer erlaabt, ob ee mannerjäreg Kanner net vu reliéis motivéierten Zwäng misst ganz verschounen. A wann se groussjäreg sinn, selwer denke kënnen a genuch Informatiounen iwwert eis Welt an eis Gesellschaften hunn, kéinte Si aus fräie Stécker decidéieren, op se wëllen enger Relioun zougehéieren oder net, e Voile droen oder net, sech beschneide loossen oder net. D'Mënscherechter an de Schutz vum Kand missten definitiv iwwert der Reliounsfräiheet stoen. An dat muss fir all d'Relioune gëllen.



Ee Stiermchen am Wäiwaasserglieschen! Carte Blanche vum Laurent Schley

9.7.2018

Vill ass an de leschte Wochen iwwert déi sougenannten „Sprangpréssessioun“ zu lechternach geschwat ginn. Wann ee verschiddene Leit nolauschert, da géing ee bal mengen, d'DP-LSAP-déi Gréng-Regierung wier am Gaangen, deen Event ofzeschaffen. E puer Gedanken dozou vum Laurent Schley, President vun AHA, a senger Carte blanche vun haut, mam Titel „Ee Stiermchen am Wäiwaasserglieschen!“

E fréieren lechternacher Lokalpolitiker geet ganz aktuell mat enger Petitioun géint seng eege Partei, déi Deel vun der Dräierkoalitioun ass, déi grad grouss Schrëtt a Richtung Trennung vu Kierch Staat vollzunn huet. Déi Regierung huet nämlech decidéiert, dass d'Schoulkanner am ganze Land op engem hondsgewéinlechen Dënschdeg am Fréijoer 2019 net wäerte fräi hunn – ausser op explizit Demande –, just well d'kathoulesch Kierch deen Dag wëllt e reliéisen Event organiséieren. Dat ass natierlech der Kierch hiert gutt Recht, mä huet awer näischt mat der öffentlecher Schoul ze dinn. Dass d'Sprangpréssessioun 2019 zu lechternach – em déi geet et – a Gefor wier, ass also Fake News, an déi ganz Diskussioun net méi wéi e Stiermchen am Wäiwaasserglieschen.

Mä et si schliisslech am Oktober Walen ... also probéiert de Moment jiddwereen, mat der Sprangpréssessioun op Stëmmefang ze hoppelen oder anere Stëmmen ewechzehuelen. Ugefaang huet dee ganzen Zirkus mam Katholicechef Hollerich, dee gemengt huet, et wier eng „Sauerei“, wann d'Schoulen op deem ganz normale Schouldag – wat et letztendlech ass – géife Prüfungen maachen. D'kathoulesch Kierch, e private Club, wëllt sech also elo scheinbar schon nees an d'Organistioun vun der öffentlecher Schoul amëschen.

Skurril gëtt et, wann de Katholicechef am selwechten Otemzuch betount, dass déi béis Geeschter vu gëschter zu lechternach net wëllkomm wieren. Domatter huet hie sech op nationalistesch Tendenz beruff, déi an Europa jo um komme wieren, woumat hien natierlech Recht huet. Mä wéi erkläert sech dann awer de Katholicechef, dass sech grad Leit vun deem nationalistesche Bord am aggressivste géint d'Decisioun vun

der Regierung a punkto „normalen Dënschdeg 2019“ opreegen? Sou schreift eng ADR-Kandidatin aus dem Zentrum fir d'Walen am Oktober an engem Lieserbüchle op RTL.lu vu Skandal a vu Schan an attackéiert souguer interessanterweis en CSV-Mann an Ex-Paschtouer, dee proposéiert hat, d'Sprangpréssessioun op méindes ze verleeën.

Des Weidere sinn och nach d'Leit vun enger gewässer Internetplattform op de Plang komm, vun där verschiddene Memberen och am Oktober op den ADR-Lëschten ze fanne sinn respektiv entretemps mol ganz locker an de Sozialmedien d'Naziverbriechen öffentlech verharmlosen. Dat sinn dann déi Leit, déi am haartste jäizen, wann der kathoulescher Kierch een ongerechtfaerdegte Privileeg wechgeholl gëtt, nämlech wäertvoll Schoulzäit engem reliéisen Event ënnerzeuerdnen. Abee jo.

Dobäi wier et dach alles sou einfach. D'kathoulesch Kierch kéint ouni Weideres hire Sprangevent op sonndes verleeën, an de Problem wier geléist. Mä d'Kierch an hir dubios Alliiert notzen déi Saach léiwier, fir an de Medien nach bëssi bëllege Stunk géint déi aktuell Regierung ze maachen, déi grad am gesellschaftspolitesche Beräich en zimlech gudden Job gemaach huet. Populismus pur vu Kierch a Co., deen awer liicht ze duerchkucken ass.

+0?
+8?
+14?
L1 2?



Solidaritéit statt Haass Carte Blanche vum Laurent Schley

10.10.2018

D'Walen 2018 sti virun der Dir an am Land herrscht zum Deel eng beonrouegend Stëmmung. Puer Gedanken dozou vum Dr. Laurent Schley, President vun AHA, a senger Carte blanche vun haut, mam Titel „Solidaritéit statt Haass“.

Bei der Presentatioun vun hirem Wahlprogramm hat eng kleng Partei ugekënnegt, an der Schoul nees Reliounsunterricht wëllen anzeféieren an zwar virun allem dee chrëschtliche, dee muslimeschen an dee jiddeschen. Fir di meescht Leit hei am Land, déi frou sinn, dass reliéis Indoktrinatioun ënner der LSAP-DP-déi Gréng-Regierung endlech aus den öffentleche Schoule verbannt gouf, dierft dat scho Grond genuch sinn, fir déi kleng Partei e Sonndeg net ze wielen. Där Grënn gëtt et awer duerchaus nach méi.

Säit d'Walcampagne ugefaangen huet, gouf et eng Partie eekleg Incidenten di Kandidaten betraff hunn. Den Jimmy Skenderovic krut quasi Morddreeungen op Facebook, dem Monica Semedo seng Foto gouf x-mol aus de Walplakater geschnitten, de Xavier Bëtzel an d'Corinne Cahen goufen op engem Walplakat als Judden ofgestempelt, an de Sven Clement krut scheinbar vum Papp vun engem Kandidat vun enger Minipartei no engem Debat Streech ugedreet. Déi véier Beispiller sinn awer nëmmen d'Spëtzt vum Äisberg vun enger gesellschaftlecher Entwécklung, déi Angscht mécht. Dofir brauch ee just an de Sozialmedien di sëllegen hemmungslos Haasskommentaren am Kontext vun der Flüchtlingsthematik oder vun de Frontalieren ze liesen.

An do wiere mer nees bei där klenger Partei, déi ech ugangs erwänt hunn. Déi hunn nämlech puer Leit op hirer Lëscht, di an de leschten dräi Joer duerch nawell zolidd nationalistesch Initiativen opgefall sinn. Rezent haten déi Leit sech als Internetplattform regroupéiert an hu vun do aus ganz open hiren auslännerfeindle-

che Gedanke fräie Laf gelooss. Deen een oder aneren huet dann och mol ganz locker d'Naziverbriechen öffentlech verharmloost. Ganz bedenklech war d'Reaktioun vun engem laangjäregen erfuerenen Deputéierten aus där Partei. Déi Leit vun där Internetplattform wiere keng Parteimemberen, an hie géif sech vun sou Aussoen distanzéieren, housch et do. Mee et hätt een deene Leit eben eng gewësse Carte blanche ginn. Pardon? Sou einfach kritt een sech do elo net erausgeriet.

Mir sollten ni vergiessen, dass mer hei zu Lëtzebuerg sinn, wou multikulti säit Joerzénge un der Dagesu-erdnung ass. Wou eis Méisproochegkeet ee risegen Atout ass, dee mer net verléiere sollten. Wou een dagdeeglech Leit aus anere Länner an aus anere Kulture kenneléiere kann, sech mat hinnen austauschen a vunenene léiere kann.

Wann ee bis ufänkt vu „mir“ a „si“ ze schwätzen, dann ass dat ee Schrëtt op ee ganz geféierleche Pad, deen anerer scho virun 80 Joer gaange sinn. Grad hei am Land sollt een eigentlech aus där Geschicht géleiert hunn. Jidder eenzelen huet e Sonndeg an der Wahlkabinn eng Verantwortung fir dofir ze suergen, dass mer net a Richtung vun enger Widderhuelung vun där Geschicht steieren. Loosst mer den Haass an d'Ausgrenzung net gewannen, mee loosst mer astoe fir di humanistesche Wäerter vu Solidaritéit an Zesummeliewe mat alle Mënschen.



Finanzbericht 2016

CCPL	Einnahmen	Ausgaben
Bankkosten	€0.00	€29,40
Internationale Mitgliedschaften	€0.00	€330,33
Generalversammlung 2016	€0.00	€50,00
Sekretariat	€0.00	€988,80
Internet	€0.00	€147,82
Jugendarbeit	€0.00	€400,00
Kinoabend	€0.00	€2.224,86
Publikationen	€0.00	€200,00
Mitgliedsbeiträge/Spenden	€12.455,00	€0,00
TOTAL	€12.455,00	€4.371,21
Resultat CCPL		€8.083,79

PAYPAL	Einnahmen	Ausgaben
Mitgliedsbeiträge	€815,71	€0,00
TOTAL	€815,71	€0,00
Resultat PAYPAL		€815,71

	Einnahmen	Ausgaben
TOTAL	€13.270,71	€4.371,21
Resultat		€8.899,50

TOTAL 2016	01.01.2014	31.12.2014
CCPL	€20.558,80	€28.642,59
PAYPAL	€1.025,35	€1.841,06
TOTAL	€21.584,15	€30.483,65
Resultat		€8.899,50

Der Finanzbericht wurde von der Generalversammlung 23. Mai 2017 gutgeheißen.



Finanzbericht 2017

CCPL	Einnahmen	Ausgaben
Campagne 2018	€2.275,00	€1.500,00
Konferenz Michael Shermer	€0,00	€1.813,65
Mitgliedsbeiträge/Spenden	€12.000,00	€50,00
Spenden Carlo Thull	€1.395,00	€0,00
Bankkosten	€0,00	€89,50
Versand	€0,00	€1.764,49
Humanism2017 London	€0,00	€681,66
Internet	€0,00	€172,82
Versammlungen	€12.455,00	€91,00
Gerichtsprozess	€0,00	€5.778,37
Publikationen	€0,00	€4.224,80
Rückerstattung (Strassen)	€1.000,00	€0,00
Transfert (PayPal)	€481,80	€0,00
TOTAL	€17.151,80	€16.166,29
Resultat CCPL		€985,51

PAYPAL	Einnahmen	Ausgaben
Mitgliedsbeiträge/Spenden	€868,99	€0,00
Transfert (CCPL)	€0,00	€481,80
Rückerstattung (Doppelte Verbuchung)	€0,00	€38,64
Internationale Mitgliedschaften	€0,00	€166,58
Vimeo Abo	€0,00	€58,44
TOTAL	€868,99	€745,46
Resultat PAYPAL		€123,53

	Einnahmen	Ausgaben
TOTAL	€18.020,79	€16.911,75
Resultat		€1.109,04

Guthaben 2017	01.01.2017	31.12.2017
CCPL	€28.642,59	€29.628,10
PAYPAL	€1.841,06	€1.964,59
TOTAL	€30.483,65	€31.592,69
Resultat		€1.109,04

Der Finanzbericht wurde von der Generalversammlung vom 4. Mai 2018 gutgeheißen.

Verwaltungsrat von AHA Lëtzebuerg

31. Dezember 2018



LAURENT SCHLEY
Präsident



MANUEL HUSS
Generalsekretär



BOB REUTER
Schatzmeister



JEAN-MARC CLOOS
Mitglied



JEROME FABER
Mitglied



ERIC FRANÇOIS
Mitglied



TANIA HERMAN
Mitglied



DIRK LEISTICO
Mitglied



JEAN-PAUL LICKES
Mitglied



POL WIRTZ
Mitglied

Impressum

Tätigkeitsbericht 2017-2018 der Allianz vun Humanisten, Atheisten an Agnostiker Lëtzebuerg a.s.b.l.

Adresse Postale : B.P. 1013, L-1010 Luxembourg

Siège social : 1, rue Guillaume de Machault, L-2111 Luxembourg

CCPLLULL: LU56 1111 3101 1809 0000

R.C.S.L.: F8374

www.aha.lu - info@aha.lu



www.AHA.lu